N°801
Entrée le 02.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet a vun der Madamm Ministesch fir Héichschoul a Fuerschung op d'parlamentaresch Fro n° 801 vum 28. Mee 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

Un der éischter Phas vun der Studie 'Healthy Brain Ageing' (HeBA), wat en Online-Questionnaire war, hunn 10.187 Leit deelgeholl. Baséierend op den Äntwerte vun dësem Online-Questionnaire kontaktéiert d'Studienteam aktuell en Deel vun de Participanten, fir hinnen e Gerochstest iwwer d'Post unzebidden. Dësen Test gëtt doheem duerchgefouert, an d'Participantë féllen online Äntwerten op Froen iwwert verschidde Geréicher aus. Dës Studie gëtt parallel an Däitschland (Kassel), Éisträich (Innsbruck), a Spuenien (Barcelona) an zu Lëtzebuerg mam selwechte Questionnaire a Protokoll duerchgefouert. Eng Ënnergrupp vun de Participanten, déi warscheinlech entweder en héijen oder en niddrege Risiko fir eng neurodegenerativ Erkrankung hunn, an déi de Gerochstest ofgeschloss hunn, ginn duerno fir detailléiert klinesch Ënnersichungen an d'Fuerschungsklinik invitéiert.

Souwuel Participantë mat, laut dem aktuellen Fuerschungsstand viraussichtlech, héijem wéi och mat niddregem Risiko ginn invitéiert, an d'Invitatioun u sech bedeit net onbedéngt, datt e verstäerkte Risiko festgestallt gouf. All Participant, deen un der Studie deelgeholl huet, gouf iwwert verschidde Weeër informéiert, datt een als Participant keng Informatiounen iwwert säin individuelle Risikostatus kritt.

Zesummegefaasst kann ee soen, dass d'Participanten net iwwert hiren individuelle Risikostatus fir d'Entwécklung vun der Parkinson-Krankheet oder aner neurodegenerativ Konditiounen informéiert ginn. Den Zweck vun der Studie ass net fir individuell virauszesoen, ween eng neurodegenerativ Krankheet entwéckele wäert, mee fir d'Bewäertung vu bekannte Risikofacteure fir verschidden neurodegenerativ Krankheeten an enger Grupp vu Leit ze optimiséieren. D'Studie déngt Fuerschungszwecker a soll e Risikobewäertungssystem validéieren. Dohier kënnen d'Resultater net fir diagnostesch Zwecker benotzt ginn, an d'Deele vun de Resultater kéint zu Mëssinterpretatiounen oder onnéideger Angscht bei de Participantë féieren.

Den HeBA-Konsortium diskutéiert aktiv iwwert d'Méiglechkeet weider Phase vun Datenerhiewung duerchzeféieren, wann déi initial Analyse vun allen Daten (vun allen Participanten) versprieche nd Resultater liwweren an eng zousätzlech Finanzéierung fir dëst Fuerschungsthema geséchert ka ginn. D'HeBA-Studie gesäit vir, d'Participanten erëm ze kontaktéieren, natierlech nëmme wa se hir Zoustëmmung ginn hunn, fir un zousätzlechen Datenerhiewungen an der Zukunft deelzehuelen. D'Zil wier et, d'Ännerunge vun individuelle Risikofacteure mat der Zäit ze iwwerwaachen. D'Participantë goufen iwwert potenziell zukünfteg Noënnersichunge via den elektroneschen Zoustëmmungsformulaire informéiert.

Lëtzebuerg, den 2. Juli 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez